Natur ass fir äis ...

... se beim Spadséiren z'entdecken.
1. Crèche Bim Bam, Schieren

... e grousst Billerbuch, an deem mir all Dag nei Geschichten erliewen.
2. Maison Relais A Schmatts, Ëlwen

... eng grouss Entdeckungsrees.
3. Crèche A Schmatts, Ëlwen

... eng Plaatz fir ze picknicken.
4. Garderie Butzenhaff, Cruchten

... fuerschen an entdecken.
5. Maison Relais Rousennascht, Schieren

... klammen, kloteren a Spaass hunn.
6. Maison Relais Conter

... erliewen, entdecken, erfuerschen a sech bewegen.
7. Kannerland Joyer de Jour, Lampertsbierg

... de Weier a seng Matbewunner.
8. Maison Relais Fréiseng

... eng Blumm am Wand z'erliewen.
9. Spillkëscht Mutfert

... selwer ze planzen.
10. Garderie Bei de Klautercher, Biissen

... s'op zwee Rieder z'erliewen.
11. Maison Relais Harel

... de Bësch mol iwwert d'Féiss ze spieren.
12. Crèche François-Elisabeth Kierchbierg

... de Bësch z'entdecken.
13. Garderie Eis Wibbelmais, Ierpeldeng (Eschweiler)

... se propper ze halen.
14. Jugendhaus Munneref

... sech fräi bewege kënnen.
15. Maison Relais Un der Atert, Biissen

... hier Schätz ze sichen an ze beschützen.
16. Maison Relais Bous

... en Abenteuer.
17. Maison Relais Schoulkauz, Wëlwerwolz

... och emol dreckeg kennen ze sinn.
18. Maison Relais Noumer

... se beim Spillen z'entdecken.
19. Maison Relais Munneref

... sech fräi ze bewegen.
20. Maison Relais Duelem

Hëlleft eis hëllefen

An den Institutioune vum elisabeth - Kannerberäich wunnen Dag an Nuecht Puppelcher, Kanner a jonk Leit aus schwierege Familljen- a Liewenslagen. Fir hinnen ee beschtméigleche Start an d'Liewen ze erméiglechen, bidde mir hinne Gebuergenheet an een Doheem an engem professionellen Ëmfeld. Mir schaffen och enk mat de Famillen zesummen.

Dozou brauche mir Är Ënnerstëtzung:

All Don ass eise Kanner eng Hëllef. Ären Don ass steierlech ofsetzbar.

Si vous désirez nous soutenir, faites votre sur don sur un des comptes bancaires repris ci-dessous:

BCEE	LU58 0019 2355 0766 4000	DEXIA	LU64 0026 1239 6688 9600
CCPL	LU64 1111 2507 5005 0000	BGL BNP PARIBAS	LU59 0030 2393 3974 0000
		RAIFFEISEN	LU18 0090 0000 4444 1004
		BLUX	LU02 0081 6019 8900 1003
		ING	LU88 0141 0380 3730 0000

VIREMENT
Un caractère MAJUSCULE (BLEU ou NOIR) ou signe par case en cas d'écriture manuscrite

Code BIC de la banque du bénéficiaire

EUR ou | Montant

N° de compte du bénéficiaire

Nom de la banque du bénéficiaire (uniquement si code BIC non indiqué) | Code Pays

Nom et adresse du bénéficiaire
elisabeth-Stëftung
24,bd Joseph II L-1840 Luxembourg

Code Pays de résidence

Communication au bénéficiaire
elisabeth-Kannerberäich

Reporting

N° de compte du donneur d'ordre

Avis de débit

Nom et adresse du donneur d'ordre (Max. 4 lignes)

Date d'exécution souhaitée

Date et Signature

Frais à charge (par défaut = PARTAGÉS)
PARTAGÉS ou Bénéficiaire ou Donneur d'ordre

Impressum:

Newsletter d'Seefeblos éditée par elisabeth – Kannerberäich

Adresse: 24, boulevard Joseph II L-1840 Luxembourg
Téléphone: (352) 45 07 74 – 5057
Fax: (352) 45 07 74-5059
E-Mail: anne@elisabeth.lu
Photos: elisabeth – Kannerberäich
Impressum: Imprimerie Reka
Tirage: 8.500 exemplaires sur papier recyclé

Vous pouvez nous soutenir
- par un don personnel,
- par un parrainage,
- lors d'événements spéciaux: Fêtes familiales, mariages, jubilés, décès...

Dons déductibles des impôts
Chaque donateur peut déduire les dons à

elisabethstëftung
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg

au profit du Kannerberäich de ses revenus imposables s'il a au moins viré 120 € dans l'année au profit d'associations reconnues.

PERIODIQUE
P&T LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG
Port payé PS/674

d'Seefeblos

Ausgab 3
2012

Newsletter vum elisabeth - KANNERBERÄICH

Wie die Natur unsere Kinder bildet und erzieht

Non-formale Bildung in Crèches und Maison Relais

Unsere Maison Relais und Crèches sind Bildungsorte. Hier findet Lernen, anders als in der Schule, in Lebenszusammenhängen statt. Dieses fördert die soziale, emotionale, motorische und kognitive Entwicklung der Kinder. Durch unsere Arbeit möchten wir es den uns anvertrauten Kindern ermöglichen, sich Herausforderungen stellen zu können, sich einen Platz in dieser Welt zu schaffen und eigenverantwortlich zu handeln.

Unsere Einrichtungen bieten Kindern von einigen Monaten bis zwölf Jahren den Raum, das Material, die Gelegenheit und die Zeit, eigene Erfahrungen zu machen. Die Kinder gehen selbstbestimmt auf Entdeckungsreise. Sie erforschen die vielfältigen Materialien die der Raum, drinnen oder draußen, bereithält. Das Kind entdeckt die Welt auf seine Art und in seinem Tempo. Die Erzieherinnen und Erzieher unterstützen das Kind dabei.

Bildungsbereich Natur

Die Natur bietet den Entdeckungsreisen der Kinder einen vielfältigen Erfahrungsraum, den wir in unsere Arbeit mit einbeziehen. Fast alles, was unser Fachpersonal in der Einrichtung an Materialien für eine ganzheitliche Entwicklung bereithält, bietet auch die Natur. Wir fokussieren uns bei unserer Arbeit auf die Entwicklung der Sinne, die Bewegung, die Sprache, die Fein- und Grobmotorik, die sozialen Beziehungen und mehr. All das ist in der Natur möglich. Hinzu kommt ein gewisser Überraschungscharakter, denn in der Natur kann jeder Tag anders sein. Wenn Kinder unserer Einrichtungen auf Entdeckungsreise gehen, nehmen sie ihre Forscherausstattung mit, wie zum Beispiel Becherlupen, Eimer und Schaufeln. Wesentlich ist, dass die Kinder sich selbst mit den Dingen beschäftigen, die ihr Interesse auf sich zieht. Oft bringen sie Gesammeltes mit, um ihre Experimente fortzusetzen oder um Naturmaterialien (Tannenzapfen, Blätter oder Samenkörner) künstlerisch weiter zu verwenden.

In der Natur haben die Kinder Umgang mit Pflanzen, Tieren und den Elementen Feuer, Wasser, Luft und Erde. Sie treten in Beziehung mit der Natur und lernen die natürlichen Kreisläufe (wie zum Beispiel Wasser, Pflanzen, Tod und Vergehen) kennen. Die Notwendigkeit zu umweltbewusstem und nachhaltigem Verhalten wird für Kinder dadurch verständlich.

Aber nicht nur im Wald oder auf der Wiese können Kinder Natur erleben. Viele unserer Einrichtungen betreiben pädagogische Gärten. Dort werden Gemüse, Kräuter oder Blumen angepflanzt. Die Kinder können dort den Entstehungsprozess der Pflanzen erleben und verwerten diese später in der pädagogischen Küche. In einigen Einrichtungen werden auch Haustiere und Nutztiere gehalten, wie auf unserem pädagogischen Bauernhof in Ulflingen. Hier findet man Ziegen und Hühner. Die Kinder bauen Beziehungen zu den Tieren auf und lernen sich verantwortungsvoll um diese zu kümmern.

Marco Deepen,
Directeur Département Recherche et Formation

Adresse du destinataire

www.elisabeth.lu

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg

Virwuert

Natur war fir äis Mënschen nach ëmmer immens wichteg, si huet äis vu jehir alles ginn, wat mer fir ze liewe gebraucht hunn, zum Beispill lessen, Drénkwaasser a Kleedung. De moderne Mënsch huet déi direkt Notzung an domat den direkte Kontakt zur Natur ëmmer méi verluer. D'Méllech an d'Gezei kommen aus dem Buttek, d'Waasser aus dem Krunn, an d'Natur ass do, wou ee sonndesmëttes hi spadséiere geet. Am nationalen Naturschutzplang vun 2007, deen an der Chamber votéiert ginn ass, gouf dofir virgesinn, d'Sensibiliséierung an den Enseignement a Saachen Naturschutz an nohalteg Entwécklung ze stäerken. Et gëtt säit 2009 eng national Plattform fir d'Acteuren aus dem Beräich Naturerzéiung an Erzéiung zur nohalteger Entwécklung, wou souwuel ONGe wéi staatlech Verwaltungen an Institutiounen dra vertruede sinn, an och een interministerielle Komitee, dësen ënnert der Leedung vun der Education nationale.

Fir de Leit, awer haaptsächlech de Kanner, d'Natur méi no ze brénge, ginn et „Centres d'Accueil" vun der Naturverwaltung am Ellergronn zu Esch, zu Manternach, zu Stengefort, de Bëschentdeckungszenter um Burfelt, an et si weiderer geplangt (am Haff Réimech, zu Schëndels an zu Bäerdref).

An de Gemenge gi vun den Naturparken, de biologesche Statiounen an och de Fierschter Aktivitéite proposéiert; e puer hunn och sougenannte „Waldschoulen", wou d'Kanner all Dag an der Natur sinn.

Naturerzéiung gëtt dacks just als en Thema fir d'Grondschoul gesinn; dobäi ass et wichteg, vu ganz Klengem un, d'Natur kennen a respektéieren ze léieren. Bëschcrèchë wéi déi „Beim Mill" si Virreider; an och duerno muss d'Naturerzéiung bei de Jugendlechen an Erwuessene virugefouert ginn.

Vill Aktivitéite sinn direkt fir d'Kanner, et gëtt awer och Formatioune fir d'Personal vu Schoulen, Crèchen, Maisons Relais. Hei sinn haaptsächlech d'Uni Lëtzebuerg, den SNJ Centre Huelmes, d'Akerbauschoul, wéi och verschidden d'ONGen aktiv, wéi natur&ëmwelt, de Mouvement écologique, d'Ëmweltberodung Lëtzebuerg an d'Scoutsverbänn.

Hei heescht et, an Zukunft déi bestehend Offer an Demande openeen ofzestëmmen a méi visibel ze maachen, eng méi enk Zesummenaarbecht tëscht deenen Acteuren, déi dës Aktivitéiten a Formatiounen ubidden, an deenen, déi se notzen, kënnen opzebauen.

Marco Schank
Minister am Beräich Wunnengsbau
Delegéierte Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen

Bëschcrèche Beim Mill zu Ierpeldeng (Eeschwëller)

Interview mam Edy Weber, Chargé de direction Bëschcrèche Beim Mill a Garderie Eis Wibbelmais, Ierpeldeng (Eeschwëller)

Wéi ass d'Iddi Bëschcrèche entstanen an wéi ass de Projet schliisslech ëmgesat ginn?

Edy Weber:
D'Iddi stoung schonns zimlech laang am Raum, an 2005 huet sech dunn deen éischten Aarbechtsgrupp zesumme gesat, fir ee Konzept Bëschcrèche auszeschaffen.

Wéi den elisabeth-Kannerberäich 2009 d'Gérance vun der Garderie Eis Wibbelmais iwwerholl huet, sinn och Dokumentatioune vum Projet Bëschcrèche weider ausgeschafft ginn. D'Bëschcrèche huet als Annexe zu der Garderie Eis Wibbelmais de 16ten Januar 2012 fir d'éischt hier Dieren opgemaach.

Fir ween ass Bëschcrèche geduecht?

Edy Weber:
D'Bëschcrèche ass fir Kanner vun 12 Méint bis 4 Joer geduecht. Den Agrément gesäit Plaze fir 12 Kanner vir. D'Kanner kënne vum 7-Hektar-Site profitéieren, fir Natur z'entdecken. Um Site steet och en hëlzene Chalet, wou d'Kanner sech zréckzéie kënnen. Verschidden Déiere sinn och um Site, wéi zum Beispill eng Geess, Schof, leselen, Kanéngercher an en Angusrand.

Dëse Summer hunn och aner elisabeth Haiser vum Site konnte profitéieren. De Foyer du Jour Kannerland vum Lampertsbierg an d'Crèche A Schmatts vun Ëlwen ware scho mat hire Kanner op Visite. Dës Weideren hunn um Site zwee Formatiounsdeeg am Kader vun de Summeraktivitéiten 2012 zum Thema Indiana Jos fir d'Personal vun den elisabeth Maison Relais stattfonnt.

Wat ënnerscheet d'Bëschcrèche vun enger „normaler" Crèche?

Edy Weber:
Den Haaptënnerscheed ass de stännege Kontakt mat der Natur. D'Kanner hale sech an hirem Grupp virun allem dobaussen op. D'Verhalen am Grupp geet och vill méi roueg erof, well d'Kanner net vun engem Raum mat véier Wänn „ageengt" sinn. Dem Bewegungsdrang vun de Kanner an deem Alter gëtt een doduerch vill méi gerecht. D'Kanner brauchen och vill manner Material, well se dauernd Aktivitéite mat hiren Erzéier dobausse maachen. D'Spillsaachen am hëlzene Chalet gi gréisstendeels just moies während dem Accueil benotzt.

Wéi ass am Allgemengen den Interessi un der Bëschcrèche?

Edy Weber:
2012 hu vill Kanner sech fir d'Bëschcrèche ageschriwwen, déi virdun nach ni an enger Crèche waren. Am Moment si 40 Kanner an der Bëschcrèche ugemellt, déi zu ënnerschiddlechen Zäiten d'Bëschcrèche besichen. Dovu sinn 18 Kanner, déi nëmme reng d'Bëschcrèche besichen, an 22 Kanner, déi d'Bëschcrèche an d'Garderie Eis Wibbelmais besichen. Den Interessi ass also grouss, obwuel d'Bëschcrèche nach net esou laang bekannt ass.

Firwat ass d'Konzept Bëschcrèche aus pädagogescher Siicht wäertvoll?

Edy Weber:
D'Natur an där mir liewen ass eppes Wichteges a se geréit ëmmer méi an de Vergiess. Naturerfahrunge si wichteg fir eng gesond, kierperlech, geeschteg a séileg Entwécklung vu de Kanner. Et ass ëmsou méi wichteg, dass d'Kanner vu Kleng un eng Bezéiung, e selbstverständleche Bezuch, zur Natur opbauen. Et geet ëm Erliewen a Begräifen, wéi de Mënsch mat senger natierlecher Ëmwelt verbonnen an op se ugewisen ass. Kleng Kanner si besonnesch empfänglech fir Naturerfahrungen. Dës si wichteg fir spéider d'Natur kënne wäertzeschätzen an ze respektéieren.
Spillen a Léieren an a mat der Natur bitt de Kanner Entfalung vu Kreativitéit, villfälteg Bewegung- a Sënneserfahrungen. Si léieren aus éischter Hand.
Eist erzéierescht Personal aus der Bëschcrèche steiert Léierprozesser duerch gezillte Förderangeboter. D'Zilsetzunge sinn handlungsorientéiert an natierlecht Leieren. D'Kanner solle sozial Kompetenze kréien, si solle léiere Verantwortung z'iwwerhuelen a respektvoll ze handelen. Waldpädagogik an Ëmweltbildung leien äis um Häerz.

Wéi eng Aktivitéite fannen an der Wanterzäit oder bei schlechtem Wieder an der Bëschcrèche statt?

Edy Weber:
Et gëtt kee schlecht Wieder, just net déi passend Kleedung! D'Bëschcrèche ass am Wanter opgaang, an d'Kanner ware bis op e puer Kéieren ëmmer dobaussen an der Natur. Bei extreme Konditioune bleiwen d'Kanner dobannen, mä d'Zil ass et, sou vill ewéi méiglech dobaussen an der frëscher Loft ze sinn. Och gëtt opgepasst, dass de Chalet bei Donnerwiederen matbenotzt gëtt, fir kënnen ënner Dag a Sécherheet ze sinn.

Un wat mussen d'Elteren denken, wann se hir Kanner moies an d'Bëschcrèche bréngen?

Edy Weber:
De Kanner hir Kleedung muss ëmmer de Wiederkonditiounen ugepasst sinn. Summer ewéi Wanter ass eng Kappbedeckung wichteg: eng Kap, e Reenhutt oder eng Mutz, déi iwwert d'Ouere geet. Fir dass d'Kanner am Wanter net kal ginn, gëtt bei der Kleedung mam Schichteprinzip gefuer. En Thermoshirt, e Faserpelz an eng waasserofweisend gefiddert Jackett halen am beschte waarm. Bei ganz kalen Temperature sollen d'Kanner eng Skibox undoen. Schong si ganz wichteg: D'Kanner solle keng Sandalen undoen, well si dora keen Halt hunn. Wanderschong bis bei de Knéchel oder Ritsch-Ratsch-Schong sinn am beschte géeegent.

Wéi eng Erausfuerderungen dauchen am Alldag an der Bëschcrèche op?

Edy Weber:
D'Sécherheet an d'Gesondheet ginn ëmmer vir a musse respektéiert ginn. All Situatioun muss richteg ageschat ginn. E puer Gefore kënnen an der Natur laueren, wéi zum Beispill Zecken. Kanner, déi a Kontakt mat enger Zeck komm sinn, ginn aus Sécherheetsgrënn bei den Dokter. Wann et dobaussen naass ass, kann et sinn, dass d'Wuerzele vun de Beem rëtscheg sinn, duerfir si fest Schong wichteg. Ier et raus an de Bësch geet, ginn d'Verhalensregele mat de Kanner duerchgaangen. Bei richtegem Verhale gi Gefore minimiséiert.

Bei Interessi un der Bëschcrèche kënne sech d'Eltere direkt un den Edy Weber wenden:

Edy Weber
Chargé de direction

Bëschcrèche Beim Mill
Garderie Eis Wibbelmais
2, An der Gaass
L-9648 Ierpeldeng (Eeschwëller)
Tel: 950 950

En typeschen Dag an der Bëschcrèche

Moies

6:30 – 8:00 Auer
- Accueil
- Fräispill
- Mir maache Schmieren

8:00 – 8:30 Auer
- Accueil
- D'Kanner maachen sech fäerdeg fir eraus
- Mir pake Rucksäck fir eraus

8:30 – 9:00 Auer
- Mir maachen eise Plang fir den Dag am Krees

9:00 – 9:45 Auer
- Mir gi raus an iessen eis Schmieren
- Mir soen eis Regelen op, wéi mir äis an der Natur/am Bësch verhale sollen

9:45 – 11:15 Auer
- Spadséieren
- Fräispill
- Déieren

11:15 – 11:45 Auer
- D'Kanner ginn an zwou Gruppen an de Chalet rageholl
- D'Kanner di sou wäit wéi méiglech alleng hier Matschboxen a Jacketten aus
- Mir gi falls néideg Hëllefstellung (Tiretten, Stréckelen, Ritsch-Ratsch oder Schnall vun der Box)

11:45 – 12:00 Auer
- Mir wäschen d'Hänn, maache Pampers, kucken ee Buch oder molen

Mëttes

12:00 – 12:45 Auer
- Mir iessen zu Mëtteg (d'Iesse gëtt aus der Maison Relais Schoulkauz vu Wëlwerwolz geliwwert)

12:45 – 13:45 Auer
- Fräispill a klenge Gruppen
- Entspanungsaktivitéit
- Déi eng Kanner gi mam Bummelbus an d'Garderie Eis Wibbelmais
- Déi aner Kanner gi vun hiren Elteren ofgeholl

Nomëttes

14:00 – 14:30 Auer
- Accueil vun deene Kanner, déi just mëttes ugemellt sinn
- Kanner, déi dee ganzen Dag bleiwen, raschten

14.30 – 16:30 Auer
- Mir gi raus an eise Krees
- Mir soen eis Regelen op, wéi mir äis an der Natur/am Bësch verhale sollen
- Spadséieren
- Fräispill
- Aktivitéiten
- Déieren
- Mir sichen äis eng Plaz, fir dobaussen z'iessen

16:30 – 18:00 Auer
- D'Eltere kënnen hier Kanner ofhuelen
- Fräispill am oder virum Chalet

18:00 – 19:00 Auer
- Déi lescht Kanner gi vun hiren Elteren ofgeholl
- Fermeture vun der Bëschcrèche

elisabeth
am sozialen déngscht zu lëtzebuerg